

Fotosconcours

fir Jonker bis 12 Joer abegraff

Den *Syndicat d'Initiative vun der Gemeng Bauschelt asbl*, a Partnerschaft mam Gewässervertrag Uewersauer, lanciert en Concours fir jonk Amateurfotografen bis zum Alter vun 12 Joer abegraff, déi an enge vun de Gemengen vum Naturpark Öewersauer, vum Gewässervertrag oder vum Naturpark „Haute-Sûre Forêt d'Anlier“ wunnen.

D'Haaptthema vum Concours ass d'WAASSER, mee ausschliesslich am Zesammenhang matt der Sauer an all Baach di dran fléisst, vun der klenger Bächelchen bis zum Stauséi vun Esch-Sauer.

(Une version française de cette annonce est disponible sur le site internet www.crhs.eu et www.naturpark-sure.lu)

Konditiounen fir um Concours deel ze huelen

1. Den Concours riicht sich ausschliesslich un all jonk Amateurfotografen bis zum vollständigen Alter vun 12 Jor, déi an enge vun de Gemengen vum Naturpark Öwersauer, vum Gewässervertrag oder vum Naturpark „Haute-Sûre Forêt d'Anlier“, hieren Wunnsätz hun.
2. Deelhuelen ass gratis. Den leschten Délai fir d'Fotoen ofzegin, ass den 30. September 2009.
3. Technisch Konditiounen :
 - 3.1. Zougelooss sin faarweg Fotoen op Papeier, matt den Mindestmoossen Din A4 (210 x 297 mm), oder digital.
 - 3.2. Déi digital Fotoen mussen op enger CD Rom gespeichert gin, wou een Ofdrock am A4-Format op Papéier derbei leit.
4. Participatioun :
 - 4.1. Et sin nëmmen déi Fotoen zougelooss, déi den Bedeelegten selwer gemach huet.
 - 4.2. Jiddereen däerf sech maximal mat 3 Fotoen um Concours bedeelegen.
 - 4.3. Hien gëtt seng Fotoen of mat enger Fiche, wou folgend Informatiounen dropstinn: seng korrekt Nimm an postalisch Adress, eng Telefonsnummer respektiv eng elektronisch Adress, sein Gebuertsdatum an eng Lëscht vun den Titelen vun de Biller an déi genau Plaz, wou d'Foto geholl gin ass (Déi muss kënnen identifizéiert gin).
 - 4.4. D'Fotoen an d'Fiche mat den Renseignementer kann een bis den 30.09.2009 aschecken oder ofgin, op enger vun folgenden Adressen:
 - 4.4.1. Syndicat d'Initiative Gemeng Bauschelt
p.a. Roemen Bernard
3, pl. de la Libération
L-9640 Boulaide
 - 4.4.2. Naturpark Öwersauer
c/o Schmitz Claude
15, route de Lultzhausen
L-9650 Esch-sur-Sûre
 - 4.4.3. Parc Naturel Haute-Sûre Forêt d'Anlier
c/o Nicolas Mayon
2, Chemin du Moulin
B-6630 Martelange
5. D'Jury ass zesummegeat aus unerkannten Fotografen aus der Region an Responsablen aus den Naturparken. Decisioun vun der Jury ass definitiv, ouni Erklärung an kann net kontestéiert gin. D'Gewënner vum Concours gin telefonisch oder per Email iwert d'Resultat informéiert. D'Präisser gin vum *S.I. Gemeng Bauschelt* festgeluecht.
6. Duercht Deelhuelen um Concours erklärt den Auteur vun den Fotoen sech averstaan, dass seng Biller veröffentlicht kënnen gin an trëtt dem S.I. Gemeng Bauschelt gratis all Urheberrechter of.
7. Sämtlich Fotoen, déi beim Concours matt gemach hun, gin am Kader vun enger Ausstellung am Hierscht 2009 zu Bauschelt virgestallt. D'Gewënnerfotoen kënnen um Internet ënnert www.info-boulaide.lu gekuckt gin.

